N°1546
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et du ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°1546 du 19 novembre 2024 de l'honorable député Jeff Engelen au sujet de la mise en œuvre du plan national intégré en matière d'énergie et de climat**

De Stroumreseau gëtt haut ouni Problemer an mat deenen néidege Reserven esou bedriwwen, dass d'Consommatioun ëmmer mat Sécherheet kann ofgedeckt ginn. D'Ausfallstatistiken fir Stroumclienten zu Lëtzebuerg sinn ënnert de beschten am europäeschen a globale Verglach.

Fir och all zukünfteg Consommatioun ze erméiglechen a gläichzäiteg keng onnéideg Käschten ze verursaachen, gëtt de Reseau just esou wäit ausgebaut wéi néideg. Zu dësem Zweck erstellen d'Netzbedreiwer all zwee Joer Netzentwécklungspläng, déi ënnert anerem der Entwécklung vun der Elektromobilitéit Rechnung droen.

D'Creos huet am Mäerz 2024 hiren Netzentwécklungsplang à jour gesat, deen all déi relevant Projeten am Héichspannungsreseau bis 2034 opléscht, an en Ausbléck op 2040 mécht.[1] An deem Plang ginn d'Investitiounen op insgesamt 350 Milliounen Euro geschat.

De Versuergungssécherheetsrapport vum Commissaire du Gouvernement à l'Energie schätzt zousätzlech dozou en Investitiounsbesoin vun 100 bis 145 Milliounen Euro pro Joer am Verdeelreseau.[2] Eng Detailplanung muss am Joer 2025 duerch d'Verdeelnetzbedreiwer virgeluecht ginn.

D'Gesamtkonzept vun den Investitiounen ass am Energie- a Klimaplang beschriwwen, deen am Summer 2024 à jour gesat gouf.[3] D'Investissementer (privat an ëffentlech) fir d'Energietransitioun bis 2030 ginn doranner op insgesamt 8,5 Milliarden Euro geschat, an deelen sech wéi am Tableau hei drënner duergestallt op déi verschidde Secteuren a Joren op.

| Investissements et dépenses supplémentaires (Mio EUR 2023) | 2023 | 2024 | 2025 | 2026 | 2027 | 2028 | 2029 | 2030 | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Bâtiments | 62 | 125 | 99 | 113 | 139 | 156 | 184 | 201 | 1 080 |
| Transports | 563 | 714 | 699 | 698 | 666 | 637 | 606 | 575 | 5 159 |
| Industrie manufacturière | 0 | 14 | 43 | 86 | 171 | 171 | 186 | 186 | 857 |
| Production et distribution d'énergie | 63 | 226 | 83 | 95 | 169 | 201 | 232 | 303 | 1 373 |
| Total | 689 | 1 080 | 924 | 992 | 1 146 | 1 165 | 1 208 | 1 265 | 8 469 |


Sources : MECB, MECO, STATEC

Och waat de finanziellen Impakt op d'Staatsfinanzen ugeet huet de Statec am Kader vun der Mise à jour vum PNEC detailléiert Simulatioune gemaacht, déi an der Grafik hei drënner duergestallt sinn.

[1] https://www.creos-net.lu/fileadmin/dokumente/downloads/20240315_Network_Development_Plan_2024-2034_-_Electricity_Transmission_Grid.pdf
[2] https://meco.gouvernement.lu/dam-assets/le-ministere/fonctions/energie/electricite/20240731-versorgungssicherheitsbericht-strom-2024.pdf
[3] https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/dossier/pnec/2024-pnec-mise-jour.pdf

Deen Impakt erkläert sech engersäits duerch manner Recetten an anerersäits duerch déi uewen duergestallten Investissementer un deenen de Staat sech bedeelegt.

Den Estimatioune vum Statec no wäerten dës Investissementer gläichzäiteg d'ekonomesch Aktivitéiten am Land an den Emploi positiv beaflossen. D'PIB-Schätzungen sinn doduerch insgesamt 1% méi héich wéi am Zenario ouni dës Investissementer.




Source: STATEC

Luxembourg, le 18/12/2024
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles